N°7746
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7746 vum 10. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer den Tiers payant social**

*1) Wéi vill Persounen hunn iwwert dëse Wee an de leschte 5 Joer vum Tiers payant social gebrauch gemaach?*

Am Joer 2018 hunn 4 757 Versécherter vum Tiers payant social (TPS) Gebrauch gemaach an am Joer 2022 waren et der 6 226. Dëst entsprécht enger Hausse vun 30,9% op 5 Joer. Op de Joren 2018 bis 2022 hunn pro Joer ongeféier 0,6% vun allen Krankeversécherten op den TPS zeréckgegraff. D'Majoritéit vun de Leeschtungen déi iwwert den TPS bezuelt gi sinn, betrëfft Behandlunge vu Generalisten a Spezialisten.

**Tableau 1: Unzuel un Versécherten, déi vum Tiers payant social Gebrauch gemaach hunn vun 2018 bis 2022**

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|
| **Unzuel un Versécherten** | 4 757 | 5 329 | 5 478 | 6 007 | 6 226 |

*Quell : CNS, CCSS, Berechnung IGSS.*

*2) Sinn d'Dokteren obligéiert d'Etikette vum Tiers payant social unzehuelen oder kënne si eng Behandlung refuséieren, wann de Patient seet, hie wéilt vum Tiers payant social gebrauch maachen?*

Den Artikel 24, Alinea 2 vum Code vun der sozialer Sécherheet beseet dass *« La prise en charge directe est encore accordée en cas d'indigence de la personne protégée dûment documentée par une attestation établie par l'office social en charge, suivant les modalités déterminées par les dispositions statutaires et conventionnelles. »*

Laut dem Artikel 3 vun der Kaderkonventioun vum 28. Dezember 2012 tëschent dem Staat an der Gesondheetskeess, appliziéiert den TPS sech op d'Prestatiounen déi an der Nomenclature vun den Dokteren an den Zänndoktere virgesi sinn, ënnert der Viraussetzung dass déi legal Dispositiounen déi a Kraaft sinn, respektéiert ginn.

Fir d'Doktere beseet den Artikel 60, Punkt 1), Buschtaf f) vun der ëmgeännerter Konventioun vum 13. Dezember 1993 tëscht der Gesondheetskeess an der AMMD (Association des médecins et médecins-dentistes) folgendes:

> *« La procédure de paiement direct par l'assurance maladie, dite procédure du tiers payant, est appliquée dans les cas limitativement énumérés ci-après :*
>
> *1) Pour les honoraires correspondant aux prestations énumérées ci-dessous:*
> *[…]*
> *f) les prestations mises en compte conformément à l'article 67bis de la présente convention à une personne bénéficiaire du tiers payant social.* »

Et ass ze präziséieren, dat de besoten Artikel vun der Konventioun en Ënnerscheed tëscht dem *« Tiers payant obligatoire »* an dem *« Tiers payant facultatif »* mëscht an dass den *« Tiers payant social »* dem *« Tiers payant obligatoire »* ënnerläit.

Den Artikel 67*bis*, Paragraph 1 vun der Konventioun tëscht der CNS an der AMMD beseet dass « *Le mode de prise en charge directe prévu à l'article 24 alinéa 2 du Code de la sécurité sociale dont le bénéfice peut être accordé à une personne sur décision d'un office social après application des législations et réglementations organisant l'aide sociale est désigné sous la terminologie « Tiers payant social »*.

*Lorsque le médecin visé par la présente convention est amené à dispenser des soins à une personne disposant d'une attestation de tiers payant social et d'une étiquette, documents qui doivent correspondre aux modèles prévus dans le cahier des charges visé à l'article 18 de la présente convention, il met en compte les honoraires afférents directement à la Caisse nationale de santé, sous réserve de ce qui suit: […]. »*

Et geet also ervir dass d'Doktere souwéi d'Zänndokteren de System vum TPS bei de Persounen, déi d'Attestatioun vum TPS souwéi d'Etikette vum Office sociale virweisen, mussen uwenden, soubal dës zougestëmmt hunn d'Persoun ze behandelen.

*3) Wéi laang huet et an der Moyenne pro Mount an de leschten zwee Joer gedauert, bis d'Dokteren hir Rechnunge rembourséiert kruten?*

Am Prinzip, ginn d'Rechnungen déi am TPS viséiert a net kontestéiert gi sinn, ee mol pro Mount vun der Gesondheetskeess ausbezuelt.

Am Kader vun der Digitalisatioun wäert et awer an der Zukunft technesch méiglech sinn, direkt déi Montanten, déi geschellt sinn, méi séier ze iwwerweisen. Et ass nämlech virgesinn, den TPS an de PID an der Zukunft technesch op e neen ofzestëmmen. Doduerch kéint dann de Beneficiaire vum TPS eng komplett Prise en Charge kréien an den Dokter géif dee Moment direkt seng Sue kréien. Den Deel, deen dann iwwer den Office social bezuelt gëtt, gëtt ewéi elo och dann un d'CNS iwwerwisen déi dëse Montant jo virgestreckt huet.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen